Den *neie* Buet
vun der
Gemeng Conter

Juli bis
September

N°03 | 2026

www.contern.lu

de Connect




Gemeng
Conter

N°03 | 2026

de Connect

Juli bis
September 2026

Inhalt



10
Eppes ze zielen
mam Guy ROSSELJONG
LU

06
Virwuert
LU, FR, EN

08
Gemengen-news
LU, FR, EN



16
Duerch d'Blumm
Bierger spueren aktiv CO_2 mat der SDK
LU

Aktioun Bestëbser-stauden
LU, FR, EN

Offallmatrix
LU, FR, EN



24
De Réck-bléck
LU, FR, EN



36
De Veräins-eck
LU, FR



54
Dëst & dat
Prett fir d'Rentrée
LU, FR, EN

Contibus an Zuelen
LU, FR, EN

De Gemengepakt
LU, FR, EN

Sandorium
LU, FR, EN

Hoplr
LU, FR, EN

Aktioun "Meng Gemeng isoléiert elo!"
LU, FR, EN

Fuite Pompelstatioun Milbech
LU, FR, EN

Neit Schieberkräiz
LU, FR, EN

Maison Relais
LU, FR, EN

Réamenagement an neien Busarrêt
LU, FR, EN

Prioritéite-Wiessel zu Mutfert
LU, FR, EN

Hochzäiten

État civil



78
Jugendsäiten
LU

84
Compte Rendu
DE, FR

102
Agenda

104
Annuaire

Virwuert

LU
Mat grousser Freed presentéiere mir lech déi nei Hierscht Editioun vun eisem Connect. Och dës Kéier steet d'Zesummeliewen an eiser Gemeng am Mëttelpunkt.

Wa mir op de Summer zréckkucken, bleift de Juli a gudder Erënnerung: E ganz besonneschen Héichpunkt war ouni Zweifel de BD Festival, deen eis Stroossen an e faarwegt Fest fir Grouss a Kleng verwandelt huet. Et war eng fantastesch Geleeënheet fir zesummenzekommen, Kultur ze genéissen a flott Momenter ze verbréngen. E ganz grousse Merci geet un d'Organisateuren, d'Gemengepersonal, d'Veräiner an déi vill Benevollen, déi mat esou vill Häerzblutt dëst Event méiglech gemaach hunn – sou wéi un all Visiteur, deen do war!

E weidere wichtegen an zukunftsorientéierte Schrëtt am Juli war d'Ënnerschreiwen vum Gemengepakt. Mat dësem Engagement ënnersträiche mir eist Zil, d'Zesummeliewen, d'Participatioun an d'Inklusioun an eiser Gemeng ze stäerken. Mir wëllen eng Gemeng sinn, an där sech jiddereen doheem fillt an d'Zukunft aktiv matgestalte wëll a kann.

Mëttlerweil läit och d'Rentrée schonn hannert eis, an dat neit Schouljoer ass voll am Gaangen. Mir hoffen, datt all eis Schülerinnen a Schüler, d'Elteren an d'Léierpersonal ee gudde Start haten a wënschen hinnen e fantastescht an erfollegräicht Schouljoer.

Mir wënschen lech all eng gemittlech Hierschtzäit an

vill Freed beim Liesen!

Äre Schäfferot
Dali ZHU, Buergermeeschter
Pol THOMÉ, Schäffen
Ari ARRENSDORFF, Schäffen

Préface

FR
C'est avec un grand plaisir que nous vous présentons la nouvelle édition automnale de notre Connect. Une fois encore, le vivre-ensemble au sein de notre commune est au cœur de nos réflexions.

En repensant à la période estivale, le mois de juillet nous laisse de très beaux souvenirs. L'un des moments forts a sans aucun doute été le Festival de la BD, qui a métamorphosé nos rues en une fête colorée pour petits et grands. Ce fut une belle occasion de se retrouver, de célébrer la culture et de partager des instants de convivialité. Un grand merci aux organisateurs, au personnel communal, aux associations et aux nombreux bénévoles qui se sont investis avec passion pour donner vie à cet événement, sans oublier l'ensemble des visiteurs présents !

Un autre résolument tourné vers l'avenir a été franchi en juillet avec la signature du Gemengepakt (Pacte communal pour le vivre-ensemble). À travers cet engagement, nous réaffirmons notre volonté de renforcer la cohésion sociale, la participation citoyenne et l'inclusion dans notre commune. Notre ambition est de faire de notre commune un lieu où chacun se sent chez soi et peut participer activement à façonner notre avenir commun.

Entre-temps, la rentrée scolaire est déjà derrière nous et la nouvelle année bat son plein. Nous espérons que tous les élèves, leurs parents et le corps enseignant ont pris un excellent départ, et nous leur souhaitons une année riche en réussites et en découvertes.

Nous vous souhaitons à toutes et à tous une belle et douce saison automnale ainsi qu'une

bonne lecture !

Votre collège des bourgmestre et échevins
Dali ZHU, Bourgmestre
Pol THOMÉ, Échevin
Ari ARRENSDORFF, Échevin

Foreword

EN
We are delighted to present the autumn edition of Connect. Once again, community life in our municipality takes center stage.

Looking back on the summer, July leaves us with wonderful memories. Without a doubt, a standout highlight was the BD (Comic) Festival, which turned our streets into a vibrant celebration for all ages. It was a fantastic opportunity to gather, enjoy culture, and share memorable moments together. A heartfelt thank you goes to the organizers, municipal staff, local associations, and the many volunteers who poured their passion into making this event possible, as well as to everyone who came out to join us!

Another milestone in July was the signing of the Municipal Pact (Gemengepakt). Through this commitment, we reinforce our goal of strengthening community spirit, civic participation, and inclusion. We want to be a municipality where everyone feels at home and feels empowered to actively shape our shared future.

Meanwhile, the back-to-school season is already behind us, and the new school year is well underway. We hope all students, parents, and teaching staff had a smooth start, and we wish them a fantastic and successful year ahead.

We wish you all a cozy autumn season and

happy reading!

Your College of Mayor and Aldermen
Dali ZHU, Mayor
Pol THOMÉ, Alderman
Ari ARRENSDORFF, Alderman

Gemengen-news

Wëllkomm an der Ekipp!



De Pedro schafft säit September bei de Steemetzer, wou hien sech zesumme mat sengen Aarbechtskollegen ëm d'espaces pubics këmmert.

Wëllkomm, Pedro!

Pedro DE CASTRO RODRIGUES
Service Maçonnerie
Service Technique



Wëlls du och en Deel vun eiser Ekipp ginn?

Postes vacants
Gemeng Conter

Éischt-Hëllef-Cour

LU
D'Administratioun konnt am Juli un engem Éischt-Hëllef-Cour deelhuelen.

FR
L'administration a participé au cours de premier secours.

EN
The administration participated in a first aid course.









Eppes ze zielen

mam Guy Rosseljong



Et geet net ëmmer just em d'Suen, ma heiansdo sinn se dann awer e Gespréich wäert. De Guy Rosseljong ass passionéierte Frange-Sammler a reest fir déi richteg Schäiner queesch duerch Europa. Wou dëst Hobby hierkënnt a wat alles hannert dohannert stécht.

LU
Iwwer 50 Joer scho sammelt de Guy Rosseljong Lëtzebuerger Frangen. Ugefaang huet dat Ganz mat enger eenzelner Mënz, méi präzis engem 10 Cent Stéck mam Portrait vum Napoléon III drop, dat de Guy Rosseljong am alen Haus vu senger Bom fonnt huet. Dës huet him gutt gefall, esou dass hien ugefaang huet, mat sengem Täschegeld op Floumäert ze goen an do no weidere Mënzen ze sichen. 1982 huet de Guy dunn ugefaang mat schaffen a krut vu sengem Chef bei der Bank eng Sammlung u Schätz gewisen, wéi hien se bis dato nach net kannt huet. „Vun him krut ech mäin éischte Schäin, en Honnerter vun 1934, dat war den Ufank vum Sammler-Virus", esou de 69-Järegen.

No an no huet de jonke Mann sech ab do selwer op d'Sich gemaach no ale Frangen: op Mäert, op Steeën, bei Bekannten. „Deemools gouf et scho Stécker, déi fir 20.000 bis 40.000 Frang verkaf gi sinn an et sinn ëmmer nees Saachen opgetaucht, wat haut natierlech méi rar ginn ass", esou de Sammler. E Groussdeel vun den ale Lëtzebuerger Schäiner wier deemools zu London gedréckt ginn, an enger Dréckerei, déi no der Aféierung vum Euro ugefaang huet, des en masse op de Maart ze geheien, fir Stockage-Käschten ze spueren. „Nach haut fënnt ee Saache vun der Imprimerie, meeschtens nom Doud vu Graveuren, fir déi d'Schäiner zwar just e Stéck Pabeier waren, mee schéin ausgesinn hunn an ee Gléck, dass si se net ewechgeheit hunn, soss wier villes fir d'Nowelt net erhale bliwwen", erkläert de Guy.

Eréischt mat der Zäit hätt hie geléiert, wat et alles un engem Geldschäin ze entdecke gëtt: „dessins d'artiste", Zuelen, déi drop hiweisen, wéi vill Exemplare vun engem Schäi gedréckt goufen, Punkten, déi gesat goufen, fir Fälschungen ze vermeiden, awer just vun engem geüübten Aen erkannt goufen, Specimen, „essais couleur", Serien. „E Schäin gouf Millioune mol gedréckt, mat ënnerschiddleche Buschtawen. Mat der Zäit huet een da festgestallt, dass net alles matenee gedréckt gouf, an dat sinn esou déi kleng Finessen, déi et flott maachen." Géif ee Fragmenter vun engem System fannen, géif engem dat Hoffnung ginn, dass iergendwou nach weider Schätz schlummeren.

An da ginn et d'Drockfeeler, bei deenen d'Sammlerhäerz méi héich schléit: „Heiansdo sinn d'Ënnerschréfte verrutscht, alt ass se guer net drop, eng Zuel ass de verkéierte Wee oder et fënnt een déi selwecht Nummer zwee-mol. Da versicht een erauszefannen, wéi vill Schäiner et dovu gëtt an d'Sich geet lass. Extrem intressant sinn déi Schäiner déi de Finanzministère geschéckt krut fir seng Remarquen ze maachen ier den "bon à tirer" gi gouf fir dann de Schäin definitiv an den Drock ze ginn.

Dessins d'artiste
Zuelen
Punkten
Specimen
Essais couleurs
Serien
Drockfeeler
...



C59D 20 francs, 1982

Epreuve | Sans numéro, ni autorité de signature

Filigrane: Grand-Duc Jean

Imprimeur: Bradbury&Wilkinson



C44A 100 francs, 1944 Recto

G.-D. Charlotte, armoiries, valeurs, 4 n° rouges, timbre de contrôle, texte FR

Imprimeur: American Bank Note Company

Zesumme mam Romain Thielen huet de Guy säi Wëssen an engem Katalog festgehal, fir deen déi zwee Sammler an Auteuren eng Jett Sammlungen duerften ofliichten. Aus de Joren 1856 bis 2023 sinn esou insgesamt 1.230 Ofbildungen zesummekomm, vu mol méi, mol manner gutt erhalene Schäiner, déi schliisslech e Gebrauchsgéigestand mat Spuere sinn. „Dat ass alles, wat dee Moment u Schäiner bekannt war“, esou de Guy, deen zanter 2021 an der Pensioun ass an zanterhier vill méi Zäit huet, fir sech senger Passioun ze widmen. Wéi vill Schäiner a senger eegener Kollektioun sinn, weess den 69-Järegen net, ma déi, déi en huet, sinn a Weichmacher-fräie Plastikhüllen an Albe konservéiert, déi de Sammler awer aus Sécherheetsgrënn net doheem hält.

E Fun Fact: „Et ass kaum bekannt, mee am Kale Krich hunn d'NATO-Staaten Ersatzgeld gedréckt, fir de Fall, dass d'Russen eis géife mat Falschgeld iwwerschwemmen. Dat däitscht „NATO-Geld“ ass laang an engem Bunker bei Cochem un der Musel gelagert ginn.“ Och 1982, wéi de Frang, deen deemools duerch d'Union économique et monétaire belgo-luxembourgeoise un de belsche Frang gekoppelt war, vum belsche Gouvernement ëm 8,5 Prozent ofgewäert gouf, haten d'Lëtzebuerger eng eege Léisung in petto: „Mir haten d'Intentioun, eis vum belsche Frang lasszeléisen an hunn eegent Geld drécke gelooss, wat de Jean-Claude Juncker duerno säi Geheimgeld genannt huet, awer eigentlech war et den deemolege Finanzminister Jacques Santer“, esou de Guy.

Vu dass ni Gebrauch vun dësem Geheimgeld gemaach ginn ass, gouf dëst bis 2002 an engem Arméisdépôt um Waldhaff gelagert, ier et dunn zerstéiert gouf. „Glécklecherweis sinn e puer Schäiner laanscht de Schredder gefall a goufe fir d'Sammler erhal“, seet de Guy. Leider ass dat net dokumentéiert ginn, wéi 1941, wou d'Lëtzebuerger Frangen duerch Reichsmark ersat an zu Schëffleng op der Schmelz verbrannt goufen. Ma genee dës Ongewëssheet géif d'Sich no Schäiner esou spannend maachen, esou de Sammler. Dat Flottst wier nämlech nieft der d'Sammlung u sech fir déi eenzel Schäiner zesummenzesichen, hir Geschicht erauszefannen an d'Freed, wann een eppes fënnt, wat kaum bis guer net bekannt war. „D'Banque centrale du Luxembourg hat eis eemol agelueden an huet eis hire Coffre-fort opgemaach, do houng eis d'Zong bis op de Buedem“, erënnert sech de Guy. Och am Nationalmusée um Stater Fëschmaart léichen eng Rei flott Stécker, esou den eemolegen Direkter vun der Spuerkeess, dee Schäiner awer och aus private Sammlungen huet.

"Glécklecherweis sinn e puer Schäiner laanscht de Schredder gefall a goufe fir d'Sammler erhal"

De „Mekka vum Pabeiergeld“ wier awer d'Pabeiersgeldbourse Maastricht, wou de Guy zanter 15 Joer zweemol d'Joer hifiert a scho vill flott Saache fonnt huet. Viru ronn 45 Joer hätt hien net kéinten anen, op wat en sech géing aloossen, well deemools duecht hien nach, et wier en iwwerschaubaart Gebitt, esou de Guy. Duerno ass een ëmmer méi schlau, seng Begeeschterung dimmen, mécht dëst Wëssen awer net – au contraire: lergendwann an der Zukunft wëll de Sammler en zweete Katalog erausbréngen, bis deen awer eng Plus-value huet, muss nach eng Rei Joren uerdentlech gestöbert, analyséiert a gesammelt ginn, esou vill ass sécher.



C20A 10 francs, 1929

G.-D. Charlotte, valeurs, timbre de contrôle noir, texte FR

Imprimeur: F. Van Buggenhoudt S.A., Bruxelles

Text vum Laura Tomassini,

Journalistin

C 20

10 FRANCS Avis 17.10.1924

A.
Recto : G.-D. Charlotte, valeurs, timbre de contrôle noir, texte FR.
Verso : Figuration allégorique de l'agriculture et de l'industrie du fer
Valeurs, texte FR., 2 n° d'ordre noirs
Dimensions : 130 x 87 mm
Filigrane : Dessin couvrant la surface du billet
Artiste : Auguste Trémont
Graveur : G. Minguet
Imprimerie : F. Van Buggenhoudt S.A., Bruxelles
Emission : 1.000.000 / 10.000.000 Francs
Signataires : Recto : Kerschen, Verso : Neyens
Retrait : Avis : 04.07.1929 / Fin circulation : 01.11.1929

B. Annulé : Billet annulé par des perforations
C. Annulé : Recto et Verso : Billet estampillé ANNULE (rouge)
D. Uniface : Recto : Epreuve estampillée ANNULE (noir), fond gris/rose
E. Uniface : Recto : Epreuve estampillée ANNULE (noir), fond rose
F. Uniface : Verso : Epreuve estampillée ANNULE (rouge)
G. Uniface : Recto : Epreuve fond rose
H. Uniface : Recto : Epreuve fond gris/rose
I. Uniface : Recto : Epreuve, variante non retenue
J. Uniface : Recto : Epreuve, variante non retenue
K. Uniface : Recto : Epreuve, variante non retenue
L. Uniface : Recto : Premières esquisses, 1923
M. Uniface : Recto : Epreuve d'artiste au crayon
N. Uniface : Verso : Epreuve d'artiste au crayon
O. Epreuve : Projet de l'effigie Grande-Duchesse Charlotte, non retenu
P. Epreuve : Projet de l'effigie Grande-Duchesse Charlotte, non retenu

160

C 20 A Recto



C 20 A Verso





Den Här Rosseljong huet nom Interview dem Service Communication nach e Fun-Fact mat op de Wee ginn, dee mir lech einfach net virenthale kënnen:

En Enkel vun der Persoun, déi um Verso vum 10 Frang Schäin ze gesinn ass, huet zu Mutfert gewunnt.

Duerch d'Blumm

Fläisseg Offalltrennung an eiser Gemeng: Bierger spueren aktiv CO_2 mat der SDK

D'Gemeng Conter huet 2025

8,80t

CO_2eq agespuert

LU

Am Kader vun der Initiativ „SDK fir Bierger“ goufen am Joer 2025 an eiser Gemeng vill Problemprodukter a geféierlechen Offall vun de Biergerinnen a Bierger gesammelt. Wat am Alldag dacks just wéi e klenge Gest wierkt, huet eng grouss a miessbar Wierkung op den Ëmweltschutz: Duerch déi gezielte Verwäertung an déi richteg Entsuergung vun dësen Offäll droen d'Bierger aktiv dozou bäi, d'CO_2-Emissiounen däitlech ze reduzéieren.

Wëssenschaftlech Evaluatioun vum CO_2-Bäitrag

Déi konkret Erspuerunge fir d'Joer 2025 sinn op Basis vu miessbare Rechnungen ermëttelt ginn. D'Berechnung baséiert op der produkt-spezifeschen Expertis vu proTerra Umweltschutz- und Managementberatung, engem offiziell zougelossenen Ëmwelt-Expert fir d'Ermëttlung vum sougenannte Product Carbon Footprint (PCF).

Dës Analysen weisen kloer:

- ↗ Duerch d'Trenne vu Problemprodukter kënne wäertvoll Rohstoffer am Kreeslaf gehal a méi effizient recycléiert ginn.
- ↗ Déi fachgerecht Veraarbechtung an Entsuergung verhënnert, datt schiedlech Treibhausgasen an d'Atmosphär geroden.

Méi Informatiounen
Geliefte Klimaschutz
SuperDrecksKëscht

Ressourcëkalenner
Calendrier des ressources
Resources calendar

Produkt	Menge in kg[2)]	CO_2eq Einsparung g pro kg[1)]	Einsparung CO_2eq
Altöl (Behälter bis 30 l)	1.772,03	1623,00	2.876,005 kg
Druckgasflaschen Probutan	435,23	1623,00	706,378 kg
Farben / Lacke fest (SAP)	3.239,22	319,00	1.033,311 kg
Farben / Lacke flüssig (SAP)	7.345,13	319,00	2.343,096 kg
Feuerlöscher (ABC, ABC-E, BC, D)	964,18	1118,00	1.077,953 kg
Kerzen	67,39	1229,00	82,822 kg
Öl- und Dieselfilter	19,40	860,00	16,684 kg
PU-Schaumdosen	12,13	460,00	5,580 kg
PU-Schaumdosen (PDR-Wertmarke)	68,39	460,00	31,459 kg
Schadstoffverpackungen (Säure, Lauge, Photochemie)	206,64	1376,00	284,337 kg
Spraydosen	715,24	473,00	338,309 kg
		Gesamteinsparung CO_2eq:	8.795,93 kg

Produit	Zuel a kg	Aspueren vun CO_2eq
Ueleg / Huile usée / Waste oil	1.772,03	2.876,005 kg
Drockgasfläschen Probutan / Bouteilles de gaz / gas cylinders (propane / butane)	435,23	706,378 kg
Faarf - Lack fest (SAP) / Peintures et vernis solides / Solid paints and varnishes	3.239,22	1.033,311 kg
Faarf - Lack flüssig (SAP) / Peintures et vernis liquides / Liquid paints and varnishes	7.345,13	2.343,096 kg
Feierläscher / Extincteur / Fire extinguisher	964,18	1.077,953 kg
Käerzen / Bougies / Candles	67,39	82,822 kg
Ueleg- a Mazoutsfilteren / Filtres à huile et diesel / Oil and diesel fuel filters	19,40	16,684 kg
PU-Schaum-Dousen / Bombes de mousse polyuréthane / PU foam cans	12,13	5,580 kg
PDR	PU-Schaum-Dousen / Bombes de mousse polyuréthane / PU foam cans	68,39	31,459 kg
Verpakunge mat Schadstoffer / Emballages contenant des substances dangereuses (acides, bases, photochimie) / Hazardous waste packaging (acids, bases, photographic chemicals)	206,64	284,337 kg
Spraydousen / Aérosols / Aerosol cans	715,24	338,309 kg

Wousst Dir schonn?

LU

Haus-zu-Haus Collecte
D'SuperDrecksKëscht kënnt Problemprodukter virun Är Hausdier sichen.

Service-Center
De Service-Center kënnt op deenen Deeg op Mutfert wou Dir Ären Offall och kënnt hifëieren.

FR

Collecte à domicile
La SuperDrecksKëscht vient récupérer les déchets dangereux directement devant votre porte.

Service-Center
Le Service-Center se déplace à Moutfort les jours où vous pouvez également venir y déposer vos déchets.

EN

Door-to-Door Collection
SuperDrecksKëscht collects hazardous waste right from your doorstep.

Service Center
The Service Center visits Moutfort on the days when you can bring in your waste.

Aktioun Bestëbserstauden 2026

LU
Zesumme mat der Biologescher Statioun SIAS schafft eis Gemeng dorun, fir de Bestëbser erëm méi Pollen- a Nektarquellen an eisen Dierfer ze bidden. Aus deem Grond huet de Schäfferot decidéiert, fir d'Bierger bei der ekologescher Gestaltung vun hire Gäert a Balkonen ze ënnerstëtze. Mir bidden lech och dëst Joer erëm zesumme mam SIAS eng Aktioun, mat där Dir Äre Gaart ästhetesch an ekologesch opwäerte kënnt an de Bestëbser-Insekten eng wichteg Narungsquell bitt.

Mir offréieren den Intresséierten aus der Gemeng ee Pak mat 6 bestëbserfrëndleche Wëllstaude fir ronderëm d'Haus ze planzen. Wëllstauden si méijäreg Planzen, déi sech am Wanter an de Buedem zeréckzéien an am Fréijoer nei ausdreiwen. Als lëtzebuergesch Wëllstaud gi Stauden bezeechent, déi aus dem Som vu wëlle Planzen hei zu Lëtzebuerg gezillt goufen an eis sou an hirer Wëllform erhale bleiwe. Sou kënnen d'Insekten am Beschten vun de natierleche Bléie vun der Färberkamill, der Margréitchen oder der Moschus-Malve profitéieren. Säit dësem Joer ginn dës Stauden och zu Lëtzebuerg an Zesummenaarbecht mat soziale Strukture wéi dem CIGL Esch oder dem Lëlljer Gaart produzéiert.

FR
En collaboration avec la station biologique SIAS, notre commune s'engage à augmenter les sources de pollen et de nectar pour les pollinisateurs dans nos villages. C'est pourquoi le collège des Bourgmestre et échevins a décidé de soutenir les citoyens dans l'aménagement écologique de leurs jardins et de leurs balcons. Nous vous proposons cette année, en coopération avec le SIAS, une action permettant de valoriser à la fois l'esthétique et l'écologie de votre jardin, tout en créant une source de nourriture pour les pollinisateurs.

Chaque ménage intéressé peut recevoir gratuitement un paquet de 6 plantes vivaces sauvages à planter aux alentours de la maison. Les vivaces sont des plantes qui se retirent dans le sol en hiver et repoussent au printemps. Ces vivaces sauvages luxembourgeoises proviennent de graines récoltées d'auprès des plantes sauvages indigènes, ce qui permet de préserver leur forme naturelle. Les insectes peuvent ainsi profiter pleinement des fleurs naturelles de la camomille des teinturiers, de la marguerite ou encore de la mauve musquée.

Depuis cette année, ces plantes sont produites au Luxembourg en collaboration avec des entreprises sociales telles que CIGL Esch ou Lëlljer Gaart.



Wat maachen ech mat de Stauden?
Am beschte planzt Dir d'Stauden op eng sonneg Plaz ronderëm Äert Haus (bei der Liwwerung kritt Dir och eng Planz-Uleedung mat Informatiounen zu deene verschiddene Staude). Dir musst eng Fläch vun engem Quadratmeter fir déi 6 Staude virgesinn.

Que faire des vivaces ?
Le paquet est gratuit et doit être planté sur le terrain du requérant. Il est préférable de planter les vivaces dans un endroit ensoleillé et de prévoir une surface d'environ un mètre carré pour les 6 plantes (un guide de plantation contenant des informations sur les différentes variétés sera fourni).

What to do with perennials?
For best results, plant your perennials in a sunny spot around your home (a planting guide with details on each variety will be included upon delivery). Please make sure to allow for an area of about one square meter for the set of 6 plants.



Wann Dir lech weider wëllt iwwer Stauden an hiren Notzen an der Natur informéiere, da kënnt Dir dëse QR-Code scannen.

SIAS
www.sias.lu

EN
In collaboration with the SIAS biological station, our municipality is committed to boosting pollen and nectar sources for local pollinators across our villages. To support this effort, the Board of Mayor and Aldermen is helping residents introduce eco-friendly practices to their gardens and balconies. In partnership with SIAS, we are offering an initiative this year that enhances both the beauty and ecology of your outdoor spaces while providing vital food for pollinators.

Each interested household can receive a free pack of 6 native wild perennials to plant around their home. Perennials naturally die back underground during winter and bloom again every spring. Grown from seeds harvested directly from indigenous wild species, these native Luxembourgish perennials retain their natural form, allowing local insects to fully benefit from flowers like dyer's chamomile, oxeye daisy, and musk mallow. Starting this year, these plants are grown locally in Luxembourg in partnership with social enterprises such as CIGL Esch and Lëlljer Gaart.

Bestellungen

D'Staudenaktioun leeft säit dem 1. Oktober an der Gemeng Conter. Dir kënnt nach bis den 20. Oktober Äre Wëllstaude-Pak bestellen.

Bestellt se ganz einfach iwwer den Formulaire, rufft op der Gemeng un oder kommt op d'Gemeng en ausgedréckte Formulaire sichen.

Commande

La campagne de distribution de plantes vivaces sauvages est lancée dans la commune de Contern depuis le 1er octobre. Vous avez jusqu'au 20 octobre pour commander votre kit.

Pour passer commande, rien de plus simple : remplissez le formulaire en ligne, contactez le secrétariat communal par téléphone, ou venez récupérer un formulaire papier directement à la mairie.

Order

The wild perennial plant campaign has been running in the Municipality of Contern since October 1st. You still have until October 20th to order your native plant pack!

Ordering is simple: complete the online form, give the municipal office a call, or pick up a paper copy directly at the town hall.

Bestell-Formulaire / Formulaire de commande / Order form



Offallmatrix 2025

LU
Laut dem geännerte Gesetz vum 21. Mäerz 2012 sinn d'Gemengen verflicht, eng jäerlech Evaluatioun vun hirer Offallwirtschaft auszeféieren. D'Ëmweltverwaltung stellt dofir en Tool am Kader vum Klimapakt zur Verfügung, deen de klassesch-analytesche Joresrapport ersetzt.

Gepréift ginn ënner anerem Biergerinformatioun, Ressourcenzenteren, Offallvermeidung/-verwendung, Reegelen op Eventer, Offallsammlung, Recycling an aner Kontrollen. D'Ëmweltverwaltung kontrolléiert all agereecht Beleeër an Daten.

Am Joer 2026 hunn 85 Gemengen hir Evaluatioun fir d'Referenzjoer 2025 pünktlech bis de 31. Mäerz agereecht.

Resultater vum Referenzjoer 2025:
- ↗ 58 Gemengen: « Très avancé » (50–75% vun de Punkten)
- ↗ 26 Gemengen: « Objectif (presque) atteint » (75-100% vun de Punkten)
- ↗ 1 Gemeng: « Avancé » (25–50% vun de Punkten)

A Conter?
D'Gemeng Conter ass mat Uewen dobäi, mat "Objectif (presque) atteint"

FR
Conformément à la loi modifiée du 21 mars 2012, les communes sont tenues de procéder à une évaluation annuelle de leur gestion des déchets. À cette fin, l'Administration de l'environnement met à leur disposition un outil intégré au Pacte Climat, qui remplace le rapport annuel classique.

L'évaluation porte notamment sur l'information des citoyens, les centres de ressources, la prévention et la réutilisation des déchets, la gestion des événements publics, la collecte, le recyclage et divers mécanismes de contrôle. L'Administration de l'environnement vérifie l'ensemble des données et pièces justificatives soumises.

En 2026, 85 communes ont soumis dans les délais (avant le 31 mars) leur évaluation relative à l'année de référence 2025.

Résultats pour l'année de référence 2025 :
- ↗ 58 communes : « Très avancé » (50 à 75 % des points)
- ↗ 26 communes : « Objectif (presque) atteint » (75 à 100 % des points)
- ↗ 1 commune : « Avancé » (25 à 50 % des points)

Et à Contern ?
La commune de Contern figure en haut du classement, obtenant la mention « Objectif (presque) atteint ».

EN
Under the amended law of March 21, 2012, municipalities are required to conduct an annual evaluation of their waste management. To support this, the Environment Agency provides a Climate Pact evaluation tool that replaces the traditional annual report.

Key assessment areas include public awareness, resource centers, waste prevention and reuse, public event guidelines, waste collection, recycling, and control mechanisms. The Environment Agency thoroughly reviews all submitted data and supporting documents.

In 2026, 85 municipalities submitted their evaluation for the 2025 reference year on time ahead of the March 31 deadline.

Results for reference year 2025:
- ↗ 58 municipalities: "Very advanced" (50–75% of points)
- ↗ 26 municipalities: "Target (nearly) achieved" (75–100% of points)
- ↗ 1 municipality: "Advanced" (25–50% of points)

What about Contern?
The municipality of Contern ranks among the top performers, earning the 'Target (nearly) achieved' rating.

Résultats de l'outil d'évaluation de la gestion des déchets de l'année 2025

Opruff: Illegal Deponie vu Gras an Heckeschnëtt





LU
Der Gemeng fällt op, dass ëmmer méi Leit Gras- an Heckeschnëtt einfach an de Bësch oder a Wisen geheien.

D'Gemeng rappeléiert hei dass och dëst illegal ass –
D'Gras soll an den Grasback oder Container geheit ginn an den Heckeschnëtt kënnt an de Container
D'Containere stinn zu :
Conter - beim Gemengenatelier
Éiter - hannert dem Centre culturel
Mutfert- beim Fussballsterrain, route de Remich
Méideng - bei der Kierch

FR
La commune constate que de plus en plus de personnes jettent leurs tontes de gazon et tailles de haies dans les forêts ou les prés.

La commune tient à rappeler que cette pratique est également interdite : les tontes de pelouse doivent être jetées dans le bac dédié ou dans le conteneur, tout comme les tailles de haies qui doivent uniquement être jetées dans le conteneur.
Les conteneurs se trouvent à :
Contern – à l'atelier municipal
Oetrange – derrière le centre culturel
Moutfort – près du terrain de football, route de Remich
Medingen – près de l'église



Ressourcëkalenner
Calendrier des ressources
Resources calendar

Är Poubelle gouf net eidel gemaach?

LU
D'Gemeng kritt reegelméisseg Reklamatioune vun den Awunner, well verschidde Poubellen bei der Offallkollekt net eidel gemaach goufen.

Fir Mëssverständnesser ze verhënneren, wëlle mir un déi gëllend Regele fir d'Offallkollekt erënneren:
- D'Poubellë mussen um Dag vun der Kollekt viru 7:00 Auer erausgestallt ginn.
- D'Firma, déi fir d'Kollekt zoustänneg ass, mécht nëmme Poubellen eidel, deenen hiren Deckel komplett zou ass.
- Säck, déi nierft der Poubelle leien, ginn net matgeholl, ausser et sinn déi offiziell Zousazsäck.

Wann de Volume vun Ärem Reschtoffall d'Kapazitéit vun Ärer Poubelle iwwersteigt, hutt Dir zwou Méiglechkeeten:
- An der Réceptioun vun der Gemeng offiziell Zousazsäck fir 10 € ze kafen, déi nieft d'Poubelle geluecht kënne ginn;
- Iech fir eng méi grouss Poubelle z'entscheeden, wéi zum Beispill eng vun 120 Liter am Plaz vun 80 Liter.

Mir erënneren och drun, datt – am Fall wou Är Poubelle net eidel gemaach gouf, obwuel all d'Regele respektéiert goufen – eng Reklamatioun bannent 48 Stonnen no der Kollekt gemellt muss ginn. No dëser Frist kann d'Reklamatioun leider net méi berücksichtegt ginn.

FR
La commune reçoit régulièrement des réclamations de la part d'habitants concernant des poubelles qui n'ont pas été vidées lors de la collecte.

Afin d'éviter tout malentendu, nous souhaitons rappeler les consignes applicables à la collecte des déchets :
- Les poubelles doivent être sorties avant 07h00 le jour de la collecte.
- Le prestataire chargé de la collecte procède uniquement au vidange des poubelles dont le couvercle est complètement fermé.
- Les sacs déposés à côté de la poubelle ne sont pas collectés, à l'exception des sacs supplémentaires officiels.

Si le volume de vos déchets résiduels dépasse la capacité de votre poubelle, deux possibilités s'offrent à vous :
- acheter, à la réception de la commune, des sacs supplémentaires officiels au prix de 10 € par sac, qui peuvent être déposés à côté de votre poubelle ;
- opter pour une poubelle de plus grande capacité, par exemple une poubelle de 120 litres au lieu de 80 litres.

Nous rappelons également que, si votre poubelle n'a pas été vidée alors que l'ensemble des consignes a été respecté, toute réclamation doit être signalée dans un délai de 48 heures suivant la collecte. Passé ce délai, la réclamation ne pourra malheureusement plus être prise en considération.

?! Wousst Dir schonn?

LU
Zweet Poubelle gratis
Gratis zweet Poubelle fir Wëndelen an Hygiènesprodukter

Dëst gëllt fir:
- all Persoun mat engem medezineschen Attest iwwert e Gesondheetsstéierung oder Inkontinenz;
- Bébéën an den éischten zwee Liewensjoren.

Mellt lech w.e.g. beim Service financier fir Är gratis Poubelle unzefroen: **facturation@contern.lu**

FR
2ème poubelle gratuite
2ème poubelle gratuite pour couches hygièniques

- à tout demandeur souffrant d'une altération ou d'une incontinence, certifiée par attestation médicale
- aux bébés/enfants pour les 2 premières années

Veuillez demander votre poubelle gratuite auprès du service financier **facturation@contern.lu**

EN
Free Second Waste Bin
Free second bin for diaper and incontinence waste

Eligible applicants:
- Anyone suffering from a medical condition or incontinence (medical certificate required);
- Babies and young children up to 2 years of age.

Please request your free bin by contacting the Finance Department **at facturation@contern.lu**

De Réckbléck

Aweiung vum Sous-terrain Milbech

LU
D'Barriär vu Milbech (PN59) zu Milbech gouf den 21. Mäerz 2026 definitiv zougemaach an duerch zwee nei Tunnellen ersat, déi den 2. Juli 2026 ageweit goufen.

Hei hat d'CFL de Schäfferot vun der Gemeng an d'Ministesch Yuriko Backes agelueden fir déi nei Infrastrukturen anzeweien.

FR
Définitivement fermé le 21 mars 2026, le passage à niveau PN59 de Milbech (Moutfort) a laissé place à deux nouveaux passages souterrains, officiellement inaugurés le 2 juillet 2026. À cette occasion, les CFL avaient réuni le collège échevinal de la commune et la ministre Yuriko Backes pour célébrer la mise en service de ces nouvelles infrastructures.







EN
Permanently decommissioned on March 21, 2026, the Milbech level crossing (PN59) in Moutfort was replaced by two new underpasses, which were officially inaugurated on July 2, 2026. To mark the occasion, CFL hosted the local municipal council and Minister Yuriko Backes for the unveiling of the new infrastructure.







18 - 19. Juli

Festival International de la Bande Dessinée à Contern

LU
D'Duerf Conter huet sech bei dëser leschter Editioun vum traditionelle BD Festival erëm an e richtegt Paradäis fir Fans vu Comics, Mangaen an Illustratioune verwandelt. Zuelräich Visiteuren vun e bëssen Iwwerall sinn an d'Stroosse vu Conter gestréimt, fir déi eenzegaarteg Atmosphär, nei Albumen an international Kënschtler hautno ze erliewen.


Am Mëttelpunkt stoungen wéi gewinnt déi vill international a regional Zeechner an Auteuren, déi op hire Stänn hir Wierker signéiert hunn. Fir d'Fans gouf et vill Geleeënheeten, fir eng perséinlech Dédicace oder eng kleng Zeechnung an hiren Album oder an e Buch ze kréien a sech mat de Kënschtler auszetauschen.











E groussen Highlight op dëser Editioun war d'Präsenz vum amerikaneschen Zeechner Don Rosa.

De legendären Auteur vun de Welterfolleg-Geschichten ronderëm den Dagobert Duck an den Donald Duck huet d'Häerzer vun de Comic-Fans am Stuerm eruewert.

Scho fréi Moies gouf et laang Schlaange virun sengem Stand, wou Honnerte vu Visiteuren gedëlleg gewaart hunn, fir eng Dédicace vun him ze kréien.

Mat vill Gedold, Humor an enger oppener Art fir jiddereen huet den Don Rosa bewisen, firwat hien zu de meeschtgeschätzten an aflossräichsten Disney-Kënschtler vun eiser Zäit gëllt. Seng Präsenz huet dem BD Festival eng ganz besonnesch, international Note verléint an dëse Weekend fir vill Fans onvergiesslech gemaach.











D'Gemeng Conter, d'BD-Kommissioun an d'FIBD asbl zéien ganz positiven Bilan vun dësem Festival. Den Erfolleg vun der leschter Editioun weist nach eng Kéier wéi staark de BD Festival am kulturelle Kalenner vu Lëtzebuerg an der Groussregioun verankert ass.

D'Virbereedunge fir déi nächst Editioun, no dësem gelongenen Event lafe schonn, fir dass Conter sech och weiderhinn mat Stolz de "Village de la BD" nennen duerf.









Alleguer d'Fotoen op www.contern.lu

De Minister Meisch op Besuch zu Conter



LU
A senger Roll als Minister, am Optrag vum Logementsministère, war de Minister Claude Meisch op engem grousse Gemengentour duerch d'Land. Och op Conter ass hie komm, fir zesumme mat de Responsablen vum Ministère a mam Schäfferot op déi verschiddenst Projeten anzegoen.

FR
Dans le cadre de ses fonctions au ministère du Logement, le Ministre Claude Meisch a entrepris une grande tournée des communes à travers le pays. Il a notamment fait escale à Contern où, accompagné des représentants du ministère, il a échangé avec le collège des bourgmestre et échevins sur divers projets locaux.

EN
As Housing Minister, Claude Meisch undertook an extensive nationwide tour of local municipalities. His visit to Contern gave the minister and his delegation the opportunity to meet with the College of Mayor and Aldermen and discuss a wide range of upcoming projects.

GREEN. EVENTS

Schoulrentrée





LU
Fir d'Schoulrentrée huet de Schäfferot och dëst Joer moies Kaffi-Croissant un d'Elteren, d'Léierpersonal an d'Schülerinnen a Schüler verdeelt. Eng flott Geleeënheet, fir dat neit Schouljoer 2026/2027 a gemittlecher Atmosphär unzefänken.

De Schäfferot wënscht allen en erfollegräicht, spannend a schéint Schouljoer!

FR
À l'occasion de la rentrée scolaire, le collège des bourgmestre et échevins a accueilli parents, enseignant·e·s et élèves avec café et et croissants afin de commencer cette nouvelle année scolaire 2026/2027 dans une ambiance conviviale.

Le collège échevinal souhaite à toutes et à tous une excellente année scolaire, riche en découvertes et en réussites !

EN
To mark the start of the 2026/2027 school year, the College of Aldermen welcomed parents, teachers and pupils with coffee and croissants, creating a friendly atmosphere for the first day back at school.

The College of Aldermen wishes everyone a successful, enjoyable and inspiring school year!



En erfollegräicht, spannend a schéint Schouljoer!

Europäesch Mobilitéitswoch

20. September
De grousse Mobilitéitsdag

LU
D' Europäesch Mobilitéitswoch fënnt all Joers vum 16. bis den 22. September statt. Säit Joren ass et esou, dass Sonndes an däer Woch d'Gemengen Hesper, Weiler-zum-Tuer an Conter sech zesummendinn, fir en Deel vun den Haptaxen fir de Verkéier ze spären an esou der Mobilité Douce eng méi grouss Plattform ze bidden.

Dëst Joer war aus diverse Grënn den Trajet een aaneren, an zu Conter gouf d'Ravitaillements-Statioun anescht gestallt. Esou koum et, dass am Haff vun der aler Schoul e Sprangschlass opgeriicht gouf, e Verkéiersgaart opgeriicht gouf dee vum Jugendhaus encadréiert ginn ass, den Fairtrade Grupp Kaffi a Bananne verdeelt huet an d'Borschten a.s.b.l. fir Gedrénks a Gegrills gesuergt hunn.

Mir soen all de Benevollen e grousse Merci fir hier Aarbecht an hiert Engagement an all de Participante Merci fir d'Matmaachen.



FR
Chaque année, du 16 au 22 septembre, la Semaine européenne de la mobilité bat son plein. Traditionnellement, le dimanche de cette semaine-là, les communes de Hesperange, Weiler-la-Tour et Contern s'unissent pour fermer plusieurs grands axes à la circulation et mettre ainsi la mobilité douce à l'honneur.

Cette édition proposait un parcours inédit et un point de ravitaillement repensé du côté de Contern. La cour de l'ancienne école s'est transformée en un lieu de vie animé : château gonflable pour les enfants, parcours de sécurité routière animé par la Maison des Jeunes, café et bananes offerts par le groupe Fairtrade, sans oublier les « D'Borschten » qui tenaient la buvette et le stand de grillades.

Un immense merci à l'ensemble des bénévoles pour leur dévouement et leur précieux travail, ainsi qu'à tous les participants venus partager ce moment !





EN
European Mobility Week takes place every year from September 16 to 22. As part of a long-standing tradition, the municipalities of Hesperange, Weiler-la-Tour, and Contern join forces on the event's Sunday to close key roadways to traffic, putting active and eco-friendly mobility front and center.

This year's edition featured a revised route and a newly designed rest stop in Contern. The old school courtyard became a vibrant hub complete with a bouncy castle, a traffic safety course hosted by the local Youth Center, fairtrade coffee and bananas handed out by the Fairtrade team, and plenty of food and drinks served up by the "D'Borschten" association.

A big thank you goes out to all the volunteers for their hard work and commitment, and to everyone who came out to take part!



Europäesch Mobilitéitswoch

22. September
Lancement vun BlaBlaCar Daily an der Zone industrielle

LU
Als Ofschloss vun der Europäescher Mobilitéitswoch huet den 22. September de Lancement vu BlaBlaCar Daily an der Zone industrielle stattfonnt. Bei dëser Geleeënheet si Membere vum Gemenge- a Schäfferot, Vertrieder vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten sou wéi d'Responsabel vun de Betriiber aus der Zone industrielle zesummekomm, fir de Projet vum Schäfferot a vun der Entreprise BlaBlaCar Daily virgestallt ze kréien.

Zil vum Projet ass et, de Covoiturage an der Zone industrielle geziilt ze förderen. D'Gemeng stellt den Entreprisen d'Plattform gratis zur Verfügung, esou datt d'Mataarbechter sech just nach mussen umellen, fir sech fir de gemeinsame Wee op d'Aarbecht z'organiséieren. D'Plattform erméiglecht et den Employéen aus verschiddenen Entreprisen, sech einfach mateneen ze verbannen – eng Vernetzung, déi ouni esou en Outil am Alldag dacks schwiereg wier.

De Projet ass aus dem Arbechtsgrupp vum Klimateam entstan. D'Klimateam huet zesumme mam Klimaberoder an dem Service écologique vun der Gemeng no enger Léisung gesicht, fir ënner Anerem d'CO2-Emissiounen an der Gemeng ze senken.

E grousse Merci geet un den Här Loris Meyer, *Directeur général - DG III Mobilité, circulation et Infrastructures de Transport,* der Madamm Fanny Montemurro *Events Project Team Manager* bei BlaBlaCar, der Madamm Virginie Ducommun, Smart City bei Indoor Forest, Société d'impact an dem Här Christophe Colacino *Mobility Manager* bei Fleetability fir hier Präsenz, Erklärungen an hier Presentatiounen am Kader vun dësem Lancement.

D'Gemeng Conter ass houfreg deen éischten Träger zu Lëtzebuerg ze sinn deen esou e Projet um Niveau vun enger Zone d'activités ze lancéieren an hofft dass de Projet an Zukunft seng Friichten dréit.







FR
En clôture de la Semaine européenne de la mobilité, le lancement officiel de BlaBlaCar Daily s'est tenu le 22 septembre dans la zone industrielle. À cette occasion, les membres du conseil communal et du collège échevinal, les représentants du ministère de la Mobilité et des Travaux publics ainsi que les dirigeants des entreprises locales se sont rassemblés pour découvrir ce projet présenté par la commune et BlaBlaCar Daily.

L'objectif de cette initiative est d'encourager activement le covoiturage au sein de la zone industrielle. La commune met gratuitement la plateforme à disposition des entreprises : il suffit aux salariés de s'inscrire pour organiser leurs trajets domicile-travail partagés. L'outil permet aux employés de différentes sociétés de se connecter facilement – une mise en réseau qui serait autrement difficile à concrétiser au quotidien.

Ce projet est issu des réflexions du groupe de travail du « Klimateam ». En collaboration avec le conseiller climat et le service écologique de la commune, l'équipe a cherché des solutions concrètes pour, entre autres, réduire les émissions de CO2 du territoire communal.

Un grand merci à M. Loris Meyer (Directeur général – DG III Mobilité, circulation et infrastructures de transport), Mme Fanny Montemurro (Events Project Team Manager chez BlaBlaCar), Mme Virginie Ducommun (Smart City chez Indoor Forest, Société d'impact) et M. Christophe Colacino (Mobility Manager chez Fleetability) pour leur présence, leurs éclairages et leurs interventions lors de ce lancement.

La commune de Contern est fière d'être la première entité au Luxembourg à déployer un tel projet à l'échelle d'une zone d'activités, et espère vivement qu'il portera ses fruits dans les années à venir.

De Veräinseck

AB Contern





DE
Jährliche Ehrung von Jugendmannschaften im Basketball

Traditionell werden seitens der "Association des Anciens du Basketball Luxembourgeois asbl" (AABBL) zwei Jugendmannschaften für ihre gute Leistung während der vergangenen Monate am Ende der laufenden Saison eingeladen um sie für ihre guten Resultate zu ehren.

Zwei U14 Mannschaften waren mit ihren Betreuern der Einladung gefolgt, die Mädchen von Amicale Steinsel und die Jungen von AB Contern.

Die Mädchen aus Steinsel waren in der 4. Division gestartet und konnten am Ende mit einem guten 6. Platz zwei Klassen höher abschließen. Die Jungen aus Contern starteten die Saison in der 3. Division und belegten am Ende einen guten 5. Platz in der höchsten Klasse.

Den Spielerinnen und Spieler, welche durch ihre Beständigkeit während der letzten Saison den Aufstieg in höhere Divisionen sowie gute Platzierungen am Ende der Saison verbuchen konnten, wurden eine Erinnerungsmedaille sowie ein kleines Geschenk und eine Erinnerungsurkunde überreicht. Ein Abendessen rundete diese Feier ab.

Fotoen: © Guy SCHMIT



LU
Dames A: Vice-Champion 2026
Mir kéinte net méi houfreg op dës Ekipp sinn. De Kampfgeescht, den Asaz an d'Häerz, dat d'Equipe déi ganz Saison gewisen huet, ware beandrockend. E grousse Merci un eis Spillerinnen, den Trainer- a Staffteam, eis Supporter, Sponsoren an un all déi, déi eis déi ganz Saison iwwer ënnerstëtzt hunn. Är Ënnerstëtzung huet eis immens vill bedeit.

Gratulatioun un den T71 Diddeleng zum Championstitel 2025/2026! Mir schléissen dës Saison mat erhuewenem Kapp of a kommen als Ekipp nach méi staark zréck.





LU
Ani PETROVA
No enger ganz laanger Basketballs-Carrière vun baal 30 Joer, wou eis #6 Ani PETROVA iwwregens och fir d'lëtzebuerger Nationaléquipe gespillt huet an säit dem 25. August 2021 fir AB CONTERN lizenzéiert war, huet d'Ani e Schlussstrëch gezunn a widmet sech an Zukunft méi dem Laafen. Mir wäerten dem Ani seng Dynamik a gutt Laun vermëssen.

Ani – Mir soen Dir villmols Merci fir däin Asaatz a fir die flott a spannend Sportsmomenter.

Fotoen: © Jérôme CHIARANDINI



LU
Dames B
D'Spillerinnen vun der Dammen B Equipe hunn d'Magali DAMY an d'Tessy MARGUE no hirem leschten Match mat engem flotten Cadeau iwwerrascht! Mat hinnen seet den AB Contern dem Magali an dem Tessy villmools Merci fir hiren laangjäregen Asaz am Conter Tricot.



Jo, et war ustrengend, mee et huet sech absolut gelount. Eis Kanner sinn einfach fantastesch a bréngen all Dag Sonn an d'Hal!

E grousse Bravo un all d'Participanten fir hiren Engagement, hir Motivatioun an hir positiv Astellung! E ganz häerzleche Merci geet och un eis Trainer Rudi Sabo, Claire Margue, Dan Gonnering, Christophe Mertzig an Anthony Tomba fir hiren exzellenten Encadrement, souwéi un all eis Benevollen, déi eis besonnesch bei de Moolzechten esou tatkräfteg ënnerstëtzt hunn.

Mir si ganz houfreg op eis Jugend a freeën eis elo schonn op déi nächst Editioun!



LU
Hommes B
Nodeems eis Hären B d'Final vun der Coupe FLBB erreecht haten an do nëmme knapp géint d'Arantia Fiels ënnerleeë waren, hu si sech als kréinenden Ofschloss vun der Saison de Championstitel an der Divisioun 1 geséchert.

LU
Basketball Camp - Kids born 2011-2017 mam Fabienne FUGER, Head Coach Dammen den 8. an 9. Abrëll 2026

Zitat Fabienne Fuger: Eise Basketball Camp war e grousse Succès!

Eise Camp ass an enger super Ambiance mat 37 motivéierten a begeeschterte Kanner ofgelaf. Et war eng intensiv, mee virun allem immens flott Woch! Déi jonk Spillerinnen a Spiller hu während dem ganze Camp vill Asaz gewisen, ware disziplinéiert, hu gutt matgemaach an haten dobäi ëmmer vill Spaass.

Text + Fotoen ©

AB Contern
secretariat@abcontern.lu

Amis de la Cervoise

LU
Les Amis de la Cervoise hunn dem Zeechner dem Frédéric Pham Chuong um BD Festival e Kaddo iwwerreecht fir déi schéin Etikett.





Text + Fotoen ©

Amis de la cervoise
secretariat@cervoise.lu

FR
Le Business Club Contern ouvre un nouveau chapitre avec l'élection de son nouveau Conseil d'Administration.

Créé pour fédérer les entreprises implantées sur le territoire de la commune, le Business Club favorise les échanges entre acteurs économiques, développe les synergies locales et porte les sujets d'intérêt commun auprès des autorités communales.

Business Club Contern

L'Assemblée Générale s'est tenue en présence de Dali Zhu, bourgmestre de la Commune de Contern et Ari Arrensdorff échevin, illustrant la volonté de poursuivre un dialogue étroit entre les entreprises du territoire et les autorités communales.

Ce nouveau Conseil d'Administration réunit des entreprises issues de secteurs variés, reflet de la richesse du tissu économique de Contern. Ensemble, ils poursuivront le développement du Business Club en renforçant le dialogue entre les entreprises, les collaborations locales et l'attractivité économique de la commune.



Le Conseil d'Administration
est désormais composé de :

Présidente
Myriam Hengesch – LSC360

Vice-président
Paul Arend – DuPont

Trésorier
Laurent Planche – mateco

Secrétaire
Cathy Spinelli – LSC360

Administrateurs
Isabelle Dennewald – Contern S.A.
Patrick Meyer – Belvedere Architecture S.A.
Jacques Herz – A. Berl & Cie. Sàrl
Frédéric Bilski – Luxroutage S.A.
Tun Di Bari – Dussmann Luxembourg
Aldo Guerrieri – TSG Steinebach Sàrl

Text + Fotoen ©

Business Club Contern
businessclub@contern.com



Kommt äre Club bei den nächste Heemmatcher um Terrain "Am Brill" zu Mutfert ënnerstëtzen:

27/09
AS Red-Black Luxembourg, den Ustouss ass um 16:00

11/10 géint Sporting Bertrange, den Ustouss ass um 16:00

14/10 Coupe FLF géint FF Norden, den Ustouss ass um 20:00

31/10 géint Jeunesse Biwer, den Ustouss ass um 18:00

22/11 géint Yellow Boys Weiler, den Ustouss ass um 16:00

06/12 géint CS Sanem, den Ustouss ass um 16:00

USMM

LU
No sengem historeschen Opstig spillt US Moutfort-Medingen seng éischt Saison an der éischter Divisioun. D'Saison huet mat e puer ganz flott a kompetitive Matcher (an och mat ganz gutt Resultate) e flotten Start geholl. Mir zielen op d'Ënnerstëtzung vun allen Futtballfans zu Contern, fir dëse flotte Laf weiderzeféieren.

Kommt a ënnerstëtzt ären Club bei eise kommende Heemmatcher, déi alleguerten um Terrain "Am Brill" zu Moutfort gespillt ginn:

FR
Après sa montée historique, l'US Moutfort-Medingen continue sa première saison en 1ère division luxembourgeoise. La saison a démarrée avec des beaux matchs compétitifs, et des résultats très encourageantes. Nous comptons sur le soutien de tous les amateurs de football de Contern pour poursuivre cette belle série.

Text + Fotoen ©

USMM
info@usmm.lu

CTF Mutfert-Méideng

DE
Pétanqueturnier in Moutfort am
13. September 2026



Zum 8. Male richtete der Verein das Turnier auf der Pétanquepiste „am Park“ aus.

4 Mannschaften à 2 Spieler und 2 Mannschaften à 3 Spieler nahmen teil. Modus: Jeder gegen jeden. André und Sam Heuertz aus Contern konnten sich schlußendlich durchsetzen nach spannenden Duellen.

Platz 2 belegte die Mannschaft Romain Basch und Bianca Pilippe ebenfalls aus Contern.

Der 3. Platz ging an Marc Tock und Jeanny Wagner aus Moutfort. Das Wetter hat mitgespielt und so kam es dass man nach dem Turnier noch eine Weile beisammen saßen.

Für nächstes Jahr ist die 9. Austragung geplant.









Wettbewerb
Villages Fleuris 2025

Am 17. September fannt die Preisverleihung in Oetringen statt. Präsident Jean-Pierre Di Genova begrüßte die Anwesenden herzlich und übergab das Wort an den Schöffen Ari Arrensdorff, der den Garten in allen Facetten beleuchtete.

116 Liegenschaften wurden von der neutralen Jury, bestehend aus den Damen Chantal Wirtz und Alix Weimerskirch, zurück behalten. Verteilung: Moutfort und Contern, je 9 Objekte, Oetringen 7 und Medingen 2. - 3 mal wurde die Höchstnote 20 vergeben.

Die Gewinner konnten sich über einen Warenkorb mit lokalen Produkten erfreuen, der von der Gemeinde Contern gestiftet wurde. Beim Umtrunk mit „pain surprise“, ebenfalls gestiftet von der Gemeinde klang der Abend aus.



Text + Fotoen ©

CTF Mutfert-Méideng

Natur- a Geschichtsfrënn leweschte Syrdall

Ausfluch vun de Natur- a Geschichtsfrënn leweschte Syrdall



LU
D'NaGIS hunn dëst Joer och nees e flotten Ausfluch gemaach. De Wee huet si de 4. Juli 2026 an d'Vulkanäifel an dat klengt Duerf Birgel gefouert.
Hei fënnt een en historeschen Technikmuseum mat e sëllechen Apparaturen. D'Visiteure kruten eng Partie Virféierunge vu funktiounsfäegen ale Maschinne gebueden. Dorënner waren: Käremillen, Moschtermillen, Bakstuff, Uelegmillen, Brennerei, Seemaschinn asw...

Bei dem flotten Openthalt hunn d'Nagis mat hirem Grupp an der historescher Waassermillen déi lokal Spezialitéite bei engem gudden lessen an enger Kaffispaus genoss.

Et war e ganz léierräichen Dag mat flottem Réckbléck an déi fréier Zäite vum Handwierk.







LU
Floumaart
Virun Niklosdag a Chrëschtdag ass Zäit fir Plaz ze maachen a Keller a Späicher ze raumen. Bréngt Är Bicher, Kleeder, Spillsaachen, Parzeläin ... asw.

D'NaGIS organiséieren e Floumaart den 8. November 2026 vun 10:00 - 18:00 Auer am Centre Culturel „am Medenpoull" zu Éiter. Reservéiert e Stand (minimum 2 Dëscher, 2 Still an e Panno fir 10€, all weideren Dësch 5€) a verkaaft Är Saachen déi dir ze vill hutt.

Umeldung bis den 28. Oktober iwwer:
suzettelehnertz@gmail.com

Iwwerweisung vum Standgeld op
de Kont CCP IBAN LU37 1111 7019 5967 0000
vun Natur- a Geschichtsfrenn leweschte Syrdall a.s.b.l. .
Mat der Iwwerweisung ass d'Umeldung bestätegt.

EN
Flea market
With St Nicholas' Day and Christmas just round the corner, now is the perfect time to make some space and clear out your cellars and attics. Bring along your books, clothes, toys, crockery ... and so on.

NaGIS is organising a flea market on 8 November 2026 from 10 am to 6 pm at the 'am Medenpoull' cultural centre in Éiter. Book a stall (minimum 2 tables, 2 chairs and a sign for €10; each additional table costs €5) and sell the items you no longer need.

Register by 28 October via:
suzettelehnertz@gmail.com

Pay the stall fee into the CCP account (IBAN LU37 1111 7019 5967 0000) of the association Natur- a Geschichtsfrenn leweschte Syrdall a.s.b.l.
The bank transfer serves as confirmation of your registration.

FR
Marché aux puces
À l'approche de la Saint-Nicolas et de Noël, c'est le moment idéal pour faire de la place et vider vos caves et vos greniers.

Apportez vos livres, vêtements, jouets, vaisselle... etc. NaGIS organise un marché aux puces le 8 novembre 2026 de 10 h à 18 h au centre culturel « am Medenpoull » à Éiter. Réservez un stand (minimum 2 tables, 2 chaises et un panneau pour 10 €, chaque table supplémentaire coûte 5 €) et vendez vos objets dont vous n'avez plus besoin.

Inscription avant le 28 octobre via :
suzettelehnertz@gmail.com

Versez les frais de stand sur le compte CCP IBAN LU37 1111 7019 5967 0000 de l'association Natur- a Geschichtsfrenn leweschte Syrdall a.s.b.l. .
Le virement vaut confirmation de votre inscription.

Text + Fotoen ©

NaGIS
suzettelehnertz@gmail.com


CYCLO-CROSS
INTERNATIONAL
UCI CAT 2
DIMANCHE
SONNTAG
SUNDAY
CONTERN
25.10.26
Gemeng Conter
ŠKODA
CROSS CUP
50 Joer ACCContern
CONTERN
Lëtzebuerger Beton
1976 - 2026: 50 JOER ACCC
EXPOSITION
CENTRE SPORTIF UM EWENT
Organisation
ACCContern
ARNOLD KONTZ CYCLES
OST FENSTER
COMAT
emile weber
all about your journey
avec le support de l'Administration Communale de Contern
en collaboration avec le supporterclub AB Contern
http://www.acccontern.lu
acccontern
ACCContern
gpcontern

ACC Contern


50 Joer
ACCContern
1976 – 2026
EXPO
24.10 - 31.10.2026
Centre sportif UM EWENT
40, rue de Syren - Contern
www.acccontern.lu
DIMANCHE
25.10.2026
#gpcontern
49ème
CYCLO-CROSS
25.10.26 : CYCLO-CROSS rue de Moutfort

Schweini Multi-Sports

LU
Réckbléck: Schweini Beach Volleyball Weekend
15. & 16. August 2026

Wat e flotte Beachvolleyball-Weekend zu Conter!

De 15. an 16. August huet Schweini Multi-Sport ASBL säin alljährleche Beachvolleyball Weekend organiséiert. Mat 20 Equippen pro Dag waren all Plazen ausverkaaft.

Op an nieft den Terrainen huet eng super Ambiance geherrscht, mat spannende Matcher, spektakuläre Rallien a Fairplay, wou de Spaass am Virdergronn stoung.

Mir freeën eis ganz besonnesch ze gesinn wéi sech den Tournoi an de Joere weiderentwéckelt huet a wéi vill Interessi et bei Spiller a Spectateure gëtt. D'Kombinatioun aus Sport, Sonn an enger entspaanter Atmosphär huet de Weekend fir jiddereen zu engem flotten Erliefnes gemaach.

E grousse Merci un eis Sponsoren a Partner, déi dëst Evenement méiglech gemaach hunn:
Gemeng Conter – fir déi excellent Ënnerstëtzung an d'Organisatioun vun den Infrastrukturen.
Bistrot An Henkes Contern an OMONIA – fir de Sponsoring.
Christophe Duhazé – fir d'Gestaltung vun eisen individuelle Trophäen, eisem Logo an den visuellen Elementer vum Event.

A virun allem e grousse Merci un all d'Spiller, Benevollen, Supporter an all déi aner Leit, déi dozou bäigedroen hunn, datt dëse Weekend esou e grousse Succès gouf.

Mir freeën eis elo schonn, iech d'nächst Joer nees am Sand zu Conter begréissen ze dierfen!







Fotoen a Videoen vum Tournoi kënnt Dir op eisem Instagram Account gesinn. Scannt dofir einfach dëse QR Code.






EN
Réckbléck: Schweini Beach Volleyball Weekend
15. & 16. August 2026

What a fantastic weekend of beach volleyball in Contern!

On 15 and 16 August, Schweini Multi-Sport ASBL hosted its annual Beach Volleyball Weekend, bringing together 20 teams each day, with all available team spots sold out. The tournament created a great atmosphere on and off the courts, with competitive matches, exciting rallies and a strong sense of community.
We are very happy to see how well the event continues to develop and how much interest it generates among players and spectators. The combination of sport, sunshine and a relaxed atmosphere made it a memorable weekend for everyone involved.

A big thank you to our sponsors and partners for making the event possible:
Gemeng Contern – for the excellent support and facility setup.
Bistrot An Henkes Contern and OMONIA – for their partnership, teamwork and support.
Christophe Duhazé – for creating our customized trophies, logo and event visuals.

Most importantly, thank you to all the players, volunteers, supporters and everyone who contributed to making the weekend such a success.
We are already looking forward to welcoming everyone back to the sand in Contern next year!



Text + Fotoen ©

Schweini Multisports
schweinicomite@gmail.com

Kreativ Hänn, Club Syrdall

LU
E grousse Merci un all d'Persoune vun de « kreativen Hänn » vum Club Syrdall (Help/Croix-Rouge), déi mat hirem Asaz, hirer Kreativitéit a Generositéit zu 2 wäertvolle Spendenaktiounen bäigedroen hunn. Merci och fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Organisatioun « Vie Naissante » sou wéi der « Plateforme Cancer »



Duerch de Verkaf vu selwer gemaachten Decken an aneren Handaarbechte konnt genuch Geld gesammelt ginn, fir Wëndele fir bedierfteg Familljen ze kafen. Zousätzlech goufen och déi handgemaachten Decke gespent



D'kreativ Hänn" hunn 30 selwer gemaachte Këssen an Häerzform un d'Madame „Bachstein Sandra" vun der „Plattforme Cancer" iwwerreecht. Se ginn Persounen no enger Broscht-OP an de Robert-Schuman-Klinicke verschenkt. Dës Këssen sinn eng kierperlech Ënnerstëtzung no enger Broscht OP an awer och en Zeeche vu Solidaritéit.

Text + Fotoen ©

Club Syrdall Club Aktiv plus
club-Syrdall@croix-rouge.lu

D' Frënn vun der 9. Konscht



Harmonie Moutfort-Medingen & Mutferter Musikanner

LU
Eng Saison voller Musek

No eisem Galaconcert am Mee war eisen Agenda nach gutt gefëllt. De 14. Juni hu mir eisen traditionelle Hämmelsmarsch zu Conter gespillt, ier mir de 23. Juni d'Feierlechkeete vum Nationalfeierdag mat Te Deum a musikalescher Begleedung vun der Ried vum Buergermeeschter encadréiert hunn.

Den 21. Juni hu mir de Cortège bei der Fändelswei vun der Chorale Les Villageois Contern, déi hiren 200. Anniversaire gefeiert huet, musikalesch begleet. Am Juli stoungen e Concert-Apéro zu Buer, den Hämmelsmarsch zu Méideng mat uschléissendem Concert an d'Ofschlossparad vum BD-Festival um Programm.

Och bei de Manifestatioune vun der Gemeng ware mir dobäi – ënner anerem beim „Tribute to Michael Jackson", wou mir de 27. Juni fir d'Gedrénksversuergung gesuergt hunn.









Eis nächst Optrëtter:

- Hämmelsmarsch zu Eiter: 15. November
- Adventsmaart zu Conter: 29. November
- Chrëschtmaart zu Mutfert: 6. Dezember
- Concert de l'Anniversaire vun der Chorale les Villageois Contern: 12. Dezember
- Hämmelsmarsch zu Mutfert: 7. Februar 2027
- Concert-Apéro um Bëschfest zu Stroossen: 1. Mee 2027
- Gala Concert: 8. Mee 2027

Text + Fotoen ©

Harmonie Moutfort-Medingen
info@hmm.lu

BEE SECURE

ART Challenge

CREATE. EXPRESS. WIN.

an Art Competition for ages 12–29
enter individually **or** as a group

Win prizes worth up to €400

What does SOCIAL MEDIA mean to YOU?

Create your vision.
Express it through art.

Any art form welcome
Video, Drawing, Sculpture, Poem, ...

1. REGISTER
bee-secure-.lu/art-challenge

2. CREATE YOUR ART
Submit by 13 December 2026

3. AWARD CEREMONY
16 February 2027
Forum Geesseknäppchen

D'Borschten

LU
Kleedersammlung

Fir eise Kollegen vum Club des Jeunes ze hëllefen, an natierlech och der Gemeng, hu mir eis drëms gekëmmert d'Kleedertuuten zu Éiter an ze sammelen.

Zesumme mat den Tuuten vun Conter, Mutfert an Méideng ass e ganze Container voll ginn.





Text + Fotoen ©

D'Borschten
dborschten@gmail.com

Frënn vum 3. Alter

LU
Grillfest vum 09.09.2026

Et ass gutt dass mir zanter 2025 d'Grillfest am September maachen, dëst Joer konnten eis Memberen bei 19 Grad e Grillfest genéissen.







Text + Fotoen ©

Frënn vum 3. Alter
gunmar@pt.lu

dëst & DAT

Prett fir d'Rentrée

LU
D'Lisa Steichen, Studentin op der Uni, dat de Summer iwwer op der Gemeng an der Conciergerie geschafft huet, huet de Kanner eng lwwerraschung fir d'Schoulrentrée hannerlooss: 2 wonnerschéin Zeechnungen déi hat mat Kräit op d'Tafel gemoolt huet. Bravo an e grousse Merci!

FR
Lisa Steichen, étudiante universitaire, a travaillé cet été au service conciergerie de la commune, a réservé une belle surprise aux enfants pour la rentrée scolaire : deux magnifiques dessins à la craie réalisés sur le tableau. Bravo et un grand merci !

EN
Lisa Steichen, a university student who spent her summer working with the council's Conciergerie staff, left a wonderful back-to-school surprise for the kids: two beautiful chalk drawings on the blackboard. Bravo and a huge thank you!







De Contibus an Zuelen

LU
Zwëschen 2022 an 2026 goufen zu Conter am Ganzen 19.739 Reservatiounen erfaasst: 16.163 dovunner goufe gefuer an 3.576 goufen annuléiert. Den Héchststand gouf 2023 mat 5.033 Reservatiounen erreecht, iert d'Zuelen duerno nees liicht zeréckgaange sinn. D'Wäerter fir 2026 sinn am Moment nach provisoresch, well d'Daten bis ewell eréischt bis den 31. Juli 2026 berücksichtegt sinn.

FR
Contern totalise 19,739 réservations entre 2022 et 2026, dont 16,163 roulées et 3,576 annulées. Le niveau le plus élevé est observé en 2023 avec 5,033 réservations. Après ce pic, les volumes diminuent ; la lecture de 2026 reste provisoire car les données sont arrêtées au 31/07/2026.

EN
Between 2022 and 2026, Contern recorded a total of 19,739 bookings, comprising 16,163 completed trips and 3,576 cancellations. Activity peaked in 2023 with 5,033 reservations before gradually tapering off. Please note that figures for 2026 remain preliminary, as data is current only through July 31, 2026.

Détail annuel

Année	Roulées	Annulées	Total	Variation vs N-1
2022	4,030	772	4,802	
2023	4,204	829	5,033	4.8%
2024	3,095	631	3,726	-26.0%
2025	2,873	655	3,528	-5.3%
2026	1,961	689	2,650	-24.9%
Total	**16,163**	**3,576**	**19,739**	





Mifa De Familljeministère

Zesummë liewen GEMENGEPAKT

Reportage : De Gemengepakt

LU
Am Juli huet d'Gemeng Conter de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen. Mat dësem Engagement ënnerstëtze mir e respektvollt, oppent an inklusiivt Zesummeliewen a setzen eis dofir an, datt all Mënsch sech an eiser Gemeng wëllkomm a bedeelegt fillt.

Dëse Pakt ass eng Initiativ vum Familljeministère an dem SYVICOL, deen de fréieren Integratiounspakt ofléist an nach méi staark op d'Bedeelegung vun de Biergerinnen a Bierger setzt.

Wat heescht dat fir eis Gemeng?
Zil ass et, d'Matenee am Alldag ze förderen, Barrièren ofzebauen a Konditiounen ze schafen, fir datt jiddereen sech an eiser Gemeng wëllkomm fillt an aktiven Deel vum Gemengeliewe ka ginn. Den interkulturellen Austausch soll kee begrenztend Thema sinn, mee sech duerch all Beräicher vun eiser Gemengepolitik zéien.

Déi nächst Etappen vum Pakt
D'Ënnerschrëft vum Pakt ass den Ufang vun engem gemeinsame Prozess. Hei sinn déi nächst Schrëtt, déi mir an den nächste Méint unpacken:

- ↗ Bestandsopnam a Bedierfnisanalys
  Zesumme mat engem Beroder kucke mir eis d'Gegebenheeten an eiser Gemeng méi genau un: Wat klappt scho gutt? Wou sti mir viru konkreten Erausfuerderungen?
- ↗ Aktiounsplan
  Op Basis vun de Resultater stelle mir e konkreten Aktiounsplan fir eis Gemeng mat Etappen an Ziler op.
- ↗ Biergerbedeelegung an Atelieren
  Dëse Pakt lieft vun lech! D'Awunner:innen wéi och déi lokal Veräiner ginn aktiv abezunn. Et ginn Atelieren a Versammlungen organiséiert, wou jidderee seng Iddien an Efahrung fir eist Zesummeliewen afléisse loosse kann.

Déi ausgeschaffte Projeten a Moossname ginn Schrëtt fir Schrëtt ëmgesat an reegelméisseg evaluéiert.

Maacht mat a gestalt eis Gemeng mat!

Deng Meenung zielt, maach mat!

FR
En juillet, la Commune de Contern a signé le Pacte communal du vivre-ensemble interculturel. À travers cet engagement, nous promouvons une cohabitation respectueuse, ouverte et inclusive, afin que chaque personne se sente accueillie et écoutée au sein de notre commune.

Issu d'une initiative du ministère de la Famille et du SYVICOL, ce pacte succède à l'ancien pacte d'intégration en plaçant la participation citoyenne au cœur de la démarche.

Qu'est-ce que cela change pour notre commune ?
L'objectif est de favoriser la convivialité au quotidien, de faire tomber les barrières et de créer les conditions nécessaires pour que chacun trouve sa place et participe activement à la vie locale. L'échange interculturel ne doit pas être un sujet isolé, mais irriguer l'ensemble de nos politiques communales.

Les prochaines étapes
La signature du pacte marque le lancement d'un travail collectif. Voici les démarches prévues dans les prochains mois :

- ↗ État des lieux et analyse des besoins
  En collaboration avec un conseiller, nous analyserons la situation locale pour identifier nos réussites ainsi que les défis à relever.
- ↗ Plan d'action
  Sur la base de cet état des lieux, nous élaborerons un plan d'action concret pour la commune, assorti d'objectifs et d'un calendrier précis.
- ↗ Participation citoyenne et ateliers
  Ce pacte vit grâce à vous ! Habitants et associations locales seront pleinement impliqués lors d'ateliers et de réunions publiques pour partager leurs idées et leurs expériences..

Les projets retenus seront déployés progressivement et feront l'objet d'évaluations régulières.

Rejoignez la démarche et participez à la vie de notre commune !

EN
In July, the Municipality of Contern signed the Municipal Pact for Intercultural Living Together. Through this commitment, we are fostering an open, respectful, and inclusive community where everyone feels welcome and empowered to participate.

This initiative, launched by the Ministry of Family Affairs and SYVICOL, replaces the former Integration Pact with a renewed focus on active citizen participation.

What does this mean for our municipality?
Our goal is to strengthen everyday connections, remove barriers, and create an environment where all residents feel welcome and can actively take part in local life. Inter cultural exchange is not a standalone topic, it will be woven into every area of our municipal policy.

Next steps
Signing the pact is just the beginning of a shared journey. Here are the key steps we will address over the coming months:

- ↗ Assessment & needs analysis:
  Working alongside a consultant, we will evaluate our current local situation to pinpoint what is working well and where our real challenges lie.
- ↗ Action plan
  Based on these findings, we will draw up a tailored action plan complete with clear milestones and goals.
- ↗ Citizen Engagement & workshops:
  This pact thrives on your involvement! Residents and local associations will be actively included through workshops and public meetings where everyone can share their ideas and experiences.

The projects and initiatives developed will be rolled out step-by-step and evaluated on a regular basis.

Get involved and help shape our municipality!

Have your say,
join in!

Votre voix
compte,
impliquez-vous !



Sandarium

LU
Hutt Dir déi nei a markant hëlze Struktur an der neier Cité bemierkt? Et ass net just e weideren Insektenhotel, mee d'Resultat vun engem innovativen an ëmweltfrëndleche Projet: e „Sandarium".

Dëse Projet gouf an Zesummenaarbecht mam SIAS an dem Service Jardinage realiséiert an déngt als noutwendege Refuge fir eis Biodiversitéit.


Verschidde Stäck si mat natierleche Materialie gefëllt, fir eng Villfalt un Insekten unzezéien. Holzbléck mat virgebuere Lächer sinn ideal Näschter fir Wëllbeinen. Déi vill donkel an dréchen Huelräim sinn d'Doheem fir Kiewerleken a Spannen. Dënnt Holz a kleng Holzstécker bidden Iwwerwanterungsméiglechkeeten an en Heem fir vill aner kleng Déieren.

Mee wat dës Installatioun wierklech aussergewéinlech mécht, ass den ënneschten Deel – den eigentleche „Sandarium".

Déi kreesfërmeg Fläch, gesäit mat hire Flosssteng net just dekorativ aus. De richtege Schatz läit méi déif. Dorënner ass eng Schicht vu rengem Sand wou d'Insekten sech Tunnelen gruewe kënnen fir hier Eeër ze leeën.

Apprenez à connaître vos voisins

Le réseau social des voisins, de votre quartier



Inscrivez-vous sur www.hoplr.com

Téléchargez l'application mobile pour iPhone ou Android

Télécharger dans l'App Store

DISPONIBLE SUR Google Play

Un environnement sûr et respectueux de la vie privée **sans publicités commerciales.**

LU
Hoplr verbënnt d'Awunner mat hirer Gemeng, fir dat lokalt Liewen ze beliewen, d'Noperschaftshëllef ze stäerken an d'Biergerbedeelegung esou einfach wéi méiglech ze maachen.

Am Mëttelpunkt vun der App stinn den Austausch vu Servicer tëscht Noperen, d'Verschenken an de Verkaf vu Saachen souwéi d'Organisatioun vun Aktivitéiten.

Hoplr ass e frëndlecht, moderéiert Netzwierk – komplett ouni Reklammen a mat groussem Respekt fir Är Privatsphär.

FR
Hoplr relie les habitants et la commune pour dynamiser la vie locale, encourager l'entraide et simplifier la participation citoyenne.

Au centre de cette application se trouve l'échange de services entre voisins, le don et la vente d'objets et l'organisation d'activités.

Hoplr, c'est le réseau bienveillant, modéré, sans publicité et respectueux de la vie privée.

EN
Hoplr connects residents with their local municipality to energize community life, foster mutual support, and make civic participation seamless.

At the heart of the app is swapping everyday favours, buying or gifting pre-loved items, and bringing neighbours together for local events.

Hoplr is a safe, friendly, and moderated network, completely ad-free and dedicated to protecting your privacy.

Hoplr – d'Noperschaftsnetzwierk

LU
Pass deng Notifikatiounen an E-Mailen dengem Goût un
Jiddereen huet seng eege Virléiften, wat Notifikatiounen ugeet... an et ass wichteg, sech net mat onnéidegen Noriichten iwwerschwemmen ze loossen. Jidderee wéi e wëll!

Du kanns zu all Moment iwwer d'Astellunge vun dengem Profil festleeën, wéi eng Hoplr-Notifikatiounen du kréie wëlls, sierf dat per E-Mail an/oder als Push-Notifikatioun.

Awer oppassen: Looss d'Notifikatioune fir privat Messagen am beschten un! Sou verpass du keng Noriicht, wann en Noper dech erreechen wëll.

FR
Adapte tes préférences en matière de notifications et emails
On a tous nos préférences en matière de notifi cations... et c'est important de ne pas se laisser envahir inutilement. Chacun ses choix!

À tout moment, tu peux modifier les notifications Hoplr que tu souhaites recevoir, par e-mail et/ou par notification push, via les paramètres de ton profil.

Sois en tout cas attentif·ve à laisser les notifications de discussions privées actives! Ainsi tu ne manqueras pas le message d'un voisin qui tente de te joindre!

EN
Customize your notification and email settings
We all have our own preferences when it comes to notifications... and nobody wants an overloaded inbox. You're in total control!

At any time, you can fine-tune which Hoplr notifications you receive—via email, push notifications, or both—right in your profile settings.

Just a heads-up: make sure to keep notifications for private messages switched on! That way, you won't miss a message when a neighbor tries to get in touch with you.

Méi Tipps hei





Aktioun „Meng Gemeng isoléiert elo!" zu Conter – Startschoss fir Är Renovatioun

LU

Maacht mat bei dëser Aktioun a bréngt Äert Doheem op de neiste Stand am Beräich Wärmeschutz. Zesumme mat Klima-Agence ënnerstëtzt d'Gemeng Conter d'Proprietäre bei der energeetescher Renovatioun vun hire Wunngebaier.

Am Zäitraum vun Oktober 2026 bis Abrëll 2028 ginn d'Proprietären dobäi begleet, hir Haiser ze isoléieren an esou hiren Energieverbrauch dauerhaft ze reduzéieren.

13 Gebaiertypen – grousst Renovatiounspotential
Am Wunnengsbau gouf ëmmer no bestëmmte Gebaiertypen geplangt a gebaut. Dat mécht d'Plangen an d'Ëmsetzung effizient a féiert zu harmonesche Quartiere mat Gebaier, déi sech staark gläichen.

Dës strukturéiert Virgoensweis kann och fir d'Renovatioun genotzt ginn. Fir all Gebaiertyp gouf eng „optimal" energeetesch Renovatioun ausgeschafft.

D'Analyse vun de Wunngebaier zu Conter weist: 860 Wunngebaier, déi virun 1996 gebaut goufen, hunn e bedeitend Potential fir energeetesch Verbesserungen. Ronn 76 % vun deenen Haiser kënnen 13 charakteristesche Gebaiertypen zougeuerdent ginn, dorënner Bungalowe an Eefamilljenhaiser mat ausgebautem Späicher.

Op Basis vun den Erfarungen zu Déifferdeng huet Klima-Agence fir Conter sougenannte „ready-to-use"-Léisungen entwéckelt. Dozou gehéieren ënner anerem:

- Isolatioun vum Daach oder vun der ieweschter Dall
- Fassadenisolatioun
- Isolatioun vum Kellerplaffong
- Fënsteraustausch
- Lëftungsanlag mat Wärmeréckgewënnung

Dës Léisungen si sou konzipéiert, datt si de spezifesche Besoine vun de verschiddene Gebaiertypen entspriechen an eng praktesch an einfach Ëmsetzung erméiglechen.

Firwat un der Aktioun „Meng Gemeng isoléiert elo!" zu Conter deelhuelen?
E gutt isoléiert Doheem bedeit net nëmme méi niddreg Energiekäschten, mee och méi Wunnconfort an eng Wäertsteigerung vun Ärem Haus. Dank dem staatleche Klimabonus an der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Conter gëtt de finanzielle Bäitrag zousätzlech reduzéiert.

Wien kann deelhuelen?
All Proprietär vun engem Wunngebai, dat virun 1996 an der Gemeng Conter gebaut gouf.

Wéi gitt Dir ënnerstëtzt?
Dir kritt eng Evaluatioun vum Renovatiounspotential vun Ärem Haus an de méiglechen Isolatiounsmooss-namen, Informatiounen zu staatlechen a kommunale Bäihëllefen souwéi eng fachlech Begleedung duerch Experte wärend der ganzer Renovatiounsphas.

Begleedung duerch Klima-Agence an Zesummenaarbecht mat der Gemeng
Klima-Agence ënnerstëtzt d'Proprietären am ganze Prozess als neutrale Beroder. Eng fest Kontaktpersoun begleet d'Participante vum éischte Berodungsgespréich iwwer d'Ëmsetzung vun den Isolatiounsmooss-namen bis bei d'Ufro vun de staatleche Bäihëllefen.

Nieft enger detailléierter Analyse vun de méigleche Aiden, dorënner de staatleche Klimabonus-Bäihëllefen an de kommunale Subsiden, ënnerstëtzt Klima-Agence d'Proprietären och bei der finanzieller Planung an der Auswiel vun de passende Moossnamen.

Dës Aktioun ass e Gemeinschaftsprojet vu Klima-Agence an der Gemeng Conter a weist, wéi Klimaschutz op kommunalem Niveau konkret ëmgesat ka ginn.

Kultur-zenter Mutfert

28.10.2026

19:00 Auer

Biergerversammlung

Den 28. Oktober um 19:00 Auer kënnen sech interesséiert Bierger am Centre culturel et sportif Moutfort detailléiert iwwer de Projet informéieren.

D'Veranstaltung bitt en Iwwerbléck iwwer d'Ziler, den Oflaf a konkret Hiweiser fir d'Participatioun.

Online Event

klima agence

Klima-Agence
www.renover.klima-agence.lu



FR
L'action « Ma commune isole maintenant ! » à Contern – coup d'envoi de votre rénovation

Prenez part à cette action et optimisez l'isolation thermique de votre maison. En collaboration avec Klima-Agence, la commune de Contern soutient les propriétaires pour la rénovation énergétique de leur habitation.

D'octobre 2026 à avril 2028, les propriétaires seront accompagnés pour isoler leur maison et réduire durablement leur consommation énergétique.

13 types de bâtiments – un potentiel de rénovation conséquent

La construction résidentielle s'est toujours appuyée sur des typologies de bâtiments, ce qui permet une planification et une réalisation efficaces. Cela donne lieu à des quartiers harmonieux avec des bâtiments presque identiques.

Cette méthode structurée de construction peut également être exploitée pour les rénovations. Pour chaque type de bâtiment, une rénovation énergétique « optimale » a été élaborée.

L'analyse des habitations à Contern montre que 860 bâtiments résidentiels construits avant 1996 ont un fort potentiel d'amélioration énergétique. Environ 76 % des maisons peuvent être classées en 13 types caractéristiques, tels que des bungalows et des maisons unifamiliales avec combles aménagés.

Sur la base de l'expérience acquise à Differdange, Klima-Agence a développé pour Contern des solutions « prêtes à l'emploi », comprenant notamment :

- ↗ isolation du toit ou du plafond de l'étage supérieur
- ↗ isolation de la façade
- ↗ isolation du plafond de la cave
- ↗ remplacement des fenêtres
- ↗ système de ventilation avec récupération de chaleur

Ces solutions sont conçues pour répondre aux besoins spécifiques des différents types de bâtiments tout en garantissant une mise en œuvre simple.

Accompagnement de Klima-Agence et coopération avec la commune
Klima-Agence accompagne les propriétaires tout au long du processus en tant que conseiller neutre. Une personne de contact dédiée est disponible pour les participants, depuis la première consultation jusqu'à la mise en œuvre des travaux et la demande d'aides financières. Outre une analyse détaillée des subventions – telles que les aides étatiques Klimabonus et les subventions communales – Klima-Agence aide les participants à planifier leur financement et dans leur choix de mesures appropriées.

Pourquoi participer à l'action « Ma commune isole maintenant ! » ?
Une maison bien isolée permet non seulement des économies d'énergie, mais aussi un meilleur confort et une valorisation de votre bien. Grâce aux aides étatiques Klimabonus et au soutien de la commune de Contern, les coûts de rénovation sont réduits.

Qui peut participer ?
Tous les propriétaires d'une maison construite avant 1996 sur le territoire de la commune de Contern.

Comment serez-vous accompagnés ?
Vous recevrez une évaluation du potentiel de rénovation de votre maison et des mesures d'isolation possibles, des informations sur les aides étatiques et communales, ainsi que des conseils d'experts tout au long des travaux.

EN
Campaign "My municipality insulates now!" in Contern – Kick-off of your renovation

Take part in this campaign and bring your home up to date with modern thermal insulation. Together with Klima-Agence, the municipality of Contern supports homeowners to renovate their homes to make them more energy-efficient.

From October 2026 to April 2028, homeowners will be supported in insulating their houses to sustainably reduce energy consumption.

13 building types – a significant renovation potential
Residential construction has always relied on specific building typologies, making planning and execution efficient. The result is harmonious neighbourhoods with highly recognisable and often identical buildings.

This structured approach to construction can also be used for renovations.

Optimal energy-efficient renovation plans have been developed for each building type.

An analysis of residential buildings in Contern shows that 860 homes built before 1996 have significant potential for energy improvements. Around 76% of these houses fall into 13 characteristic building types, including bungalows and single-family homes with converted attics.

Based on the experience gained in Differdange, Klima-Agence has developed tailored, ready-to-use solutions for Contern, including:

- ↗ roof or attic insulation
- ↗ façade insulation
- ↗ basement ceiling insulation
- ↗ window replacement
- ↗ ventilation systems with heat recovery.

These solutions are designed to meet the specific needs of different building types while ensuring easy implementation.



Support from Klima-Agence and collaboration with the municipality
Klima-Agence supports homeowners throughout the process as a neutral advisor. A dedicated contact person is available to assist participants, from the initial consultation to the implementation of insulation measures and the application for financial subsidies. In addition to a detailed analysis of available subsidies – including Klimabonus state subsidies and municipal grants – Klima-Agence helps participants to plan their financing and in their choice of appropriate measures.

Why take part in the campaign ?
A well-insulated home not only reduces energy costs but also improves living comfort and increases property value. Thanks to Klimabonus state subsidies and support from the municipality of Contern, renovation costs are reduced.

Who can participate?
All homeowners of residential buildings constructed before 1996 in the municipality of Contern.

How will you be supported?
You will receive an assessment of your home's renovation potential and possible insulation measures, information on state and municipal subsidies, and expert guidance throughout the renovation process.

Fuite Pompelstatioun Milbech





LU
Viru Kuerzem gouf eng gréisser Fuite op der Pompelleitung a Richtung vum Waasserbaseng zu Mutfert entdeckt a behuewen.

D'Reparatur huet sech technesch als richteg Erausfuerderung erwisen, well d'Leitung extrem déif, op bal 4,5 Meter am Buedem leit. Den Entrepreneur huet d'Leitung an opwänneger Aarbecht fir d'éischt fräigeluecht, ier eis technesch Waasser-Ekipp de Schued professionell flécke konnt. Am Ganzen hunn d'Aarbechten 3 Wochen an Usprooch geholl.

Fir d'Awunner vu Mutfert huet sech awer näischt geännert. Während der ganzer Zäit gouf d'Duerf komplett an ouni Ënnerbrechung vun Éiter mat Waasser versuergt.

EN
A major leak on the supply line to the Moutfort water reservoir was recently repaired.

Because the pipe was buried nearly 4.5 meters deep, excavation and technical repairs took 3 weeks. However, residents experienced no service interruptions, as water was seamlessly supplied from Oetrange throughout.

FR
Récemment, une fuite importante a été détectée et réparée sur la conduite de refoulement en direction du réservoir d'eau à Moutfort.

La réparation s'est avérée être technique, la conduite se trouvant profondément enfouie, à près de 4,5 mètres dans le sol. Une entreprise a d'abord dû dégager la conduite au terme d'un travail complexe, avant que notre équipe technique du service des eaux ne puisse réparer les dégâts. Au total, les travaux ont duré trois semaines.

Pour les habitants de Moutfort, la situation est restée inchangée : durant toute la durée du chantier, le village a été alimenté en eau en totalité et sans interruption depuis Oetrange.



Schieberkräiz

LU
Fir d'Versuergungssécherheet an d'Stabilitéit vum Waassernetz nohalteg ze verbesseren, gouf kierzlech e modernt Schieberkräiz agebaut. Dës Moossnam erhéicht d'Sécherheet vum gesamte Reseau an erlaabt et, am Fall vun Ënnerhaltsaarbechten oder méigleche Reparaturen eenzel Abschnëtter geziilt an effizient ofzesperren.

E wichtege Schrëtt am Oflaf vun dësem Projet war déi enk Zesummenaarbecht virun Uert: Den Entreprise-Partner huet am Virfeld déi bestehend Leitung virsiichteg fräigeluecht. Uschléissend goufen d'Leitunge vun eiser Ekipp ëmgebaut an un déi nei technesch Ufuerderungen ugepasst, fir d'Verbindungen an d'Funktionalitéit vum Reseau ze optimiséieren.

Duerch dës geziilt Moderniséierung gëtt d'Flexibilitéit vum Waassernetz däitlech gestäerkt. Fir eis Awunner bedeit dat eng nach méi zouverlässlech Waasserversuergung an e méi nidderegt Risiko fir Ausfäll bei Aarbechten.





FR
Afin de renforcer la fiabilité et la sécurité de notre réseau d'eau, une nouvelle croix de vannes a été installée. Cet équipement permet d'isoler rapidement des sections ciblées lors de futurs entretiens ou réparations.

Après le dégagement de la conduite existante par l'entreprise partenaire, notre équipe technique a réaménagé les conduites selon les nouvelles normes.

Cette modernisation optimise la flexibilité du réseau, garantissant aux habitants une alimentation en eau plus sûre et un risque minime d'interruption lors des travaux.

EN
To improve network reliability and safety, a modern valve manifold was recently installed. This upgrade makes it easy to isolate specific pipeline sections during maintenance or repairs.

Following excavation work by our contractor, our technical team reconfigured the pipelines to meet updated standards and optimize network performance.

This modernization increases overall flexibility, ensuring residents enjoy a more dependable water supply with minimal risk of outages during future works.



Maison Relais Conter

FR

Dans le cadre de nos activités de vacances à l'Atelier « Maltechniken », les enfants ont eu l'occasion de découvrir la peinture à la bombe comme nouvelle technique artistique, accompagnés par un artiste graffiti.

Loin des crayons et du papier, ils ont découvert l'univers des bombes aérosols. Dans un premier temps, ils se sont entraînés à écrire des lettres à l'aide de pochoirs, puis ils ont appris à les décorer de manière créative et originale.

Le titre « Die coolste Schule » a été imaginé par les petits artistes eux-mêmes, puis choisi à la suite d'un vote commun. Ainsi, parmi toutes leurs idées créatives, ils ont choisi ensemble le titre qui représente leur œuvre.

Un grand merci à la commune ainsi qu'à l'artiste Christophe Munier, qui nous ont permis de réaliser ce beau projet avec les enfants et de les accompagner dans l'expression de leur créativité d'une manière totalement nouvelle.

Nous sommes très fiers du résultat !

Text ©

Maison Relais Conter
direction.rcon@elisabeth.lu

Réaménagement an en neien Busarrêt zu Éiter

LU

Um Kurzebierg zu Éiter gouf eng Prioritéit op d'Accessibilitéit geluecht. Duerch eng ëmfaassend Mise en conformité ass den Arrêt elo komplett PMR-gerecht.

